



sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, de 7. Abrëll 2025

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 10. Abrëll 2025

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech lech folgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 10.04.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir lech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

A vergaangene Sëtzunge konnten 2 Froe bis zum haitegen Datum aus diverse Grënn net beäntwert ginn. Mir géingen ons freeë wann de Publique a mir d'Äntwerten dann an dëser Sëtzung kéinte kréien.

Fro 1 (aus der Sëtzung vum 11. Februar 2025):

(Eng Kopie vum Bréif un CSV Conseilleren huet de Schäfferot den 11.02.2025 kritt)

Am Bezuch op e Bréif un CSV Conseilleren, datéiert 03.02.25, vum Innenminister Léon GLODEN betreffend dem Finanzexpert froe mir lech ob de Schäfferot mam Expert e Confidentialitéitsaccord ofgeschloss sou wéi vum Minister geroden? Wann jo, kennt Dir ons an dem Personal dee w.e.g. zoukomme loossen? Wann net, plangt de Schäfferot sou en Accord sou séier wéi méiglech ze ënnerschreiwen?

Laut deem Bréif huet de Minister de Schäfferot gefrot fir him eng Oplëschung vun de Missiounen zoukommen ze loossen, déi de Finanzexpert fir d'Gemeng Sandweiler ausgefouert huet, respektiv ausféiert oder ausféiere wäert. Kënnt Dir ons déi Missiounen, sou wéi se och dem Minister geschéckt goufen, am Detail opzielen?

Fro 2 (aus der Sëtzung vum 6. November 2024):

Kennt Dir ons w.e.g. Informatiounen iwwer d'Auslaaschtung vun den 3 Chargy Statiounen op den ëffentleche Parkinge vun der Gemeng liwweren?

- Wéi sinn déi eenzel Statiounen iwwer 1 rezente Mount vum Joer 2024 (hors Summervakanz, also am beschte Juni oder Oktober) ausgelaascht?
- Wéi ass dobäi d'Auslaaschtung am Dag (8h-20h) an an der Nuecht (20h-8h)?

Fro 3:

- Wéi vill Leit sinn an de Biergerstonne vum Mäerz an Abrëll virstelleg ginn?
- Wat waren hier Uleies?

Fro 4:

D'CSV Sandweiler freet sech dass et nom Enn vum Pedibus fir d'Rentrée 2023, ab dem 22. Abrëll 2025 erëm en neie Pedibus Service wäert ginn, wann och mat ofgespecktem Horaire am Verglach zu de fréieren Zäiten Beim Bléck op de Plang vun den Tier stelle mir ons awer eenzel Froen:

- Vu de Chantier an der rue d'Itzig, deen an dëse Wochen ënner Anerem am Beräich vun der rue de la Gare ass, wär et net, fir d'Sécherheet vun de Kanner an dem Personal, méi sënnvoll wann temporär, bis zum Enn vum Chantier an deem Beräich, de Pedibus 3 géing duerch d'rue du pain goen?
- Laut Plang geet de Pedibus 3 tëscht de Punkte 4 a 5 duerch den ënneschten Deel vun der rue du Cimetière. An deem Beräich ass déi Strooss ganz eng am 8h Moies vill Verkéier. Wär et net besser déi Ligne géif laanscht d'Pizzeria erop goen?

Fro 5:

An der Gemengerotssitzung vum 30. Januar 2025 hu Conseilleren aus der Majoritéit Proposition vum der CSV ofgeleent fir den Trottoir vum neie Parking vun der d'Itzigerstrooss ofzesécheren. E puer Deeg drop huet sech de Schäfferot, zu eiser Zefriddenheet, awer mat dëser Problematik ofginn, an sech dëser ugehall. Kuerzfristeg si temporär Plastikbaken opgestallt ginn, well des awer ze licht sinn, gi se regelméisseg beim Parke vun den Autoen a Camionnetten op den Trottoir geréckelt. Gott säin Dank ass bis haut weder e Kand nach e Foussgänger blesséiert ginn.

- Wéi plangt de Schäfferot kuerzfristeg des Gefor ze entschäerfen?
- Wéini gi Plastikbaken duerch eng definitiv Léisung ersat?



Fro 6:

Nodeem de Schäfferot am Aktuell vum Oktober 2024 de Bierger matgedeelt huet, dat en Agent Municipal agestallt ginn ass, dat awer fir éischt an enger Testphase, wou Leit net protokolléiert gi, mee nëmmen op hiert Feelverhalten opmierksam gemaacht ginn, stelle mir haut follgend Froen:

- Ass des Testphaseschonn eriwwer?
- Wa jo, vu wéini un, wéi vill Protokoller si geschriwwe ginn, vir wat an op wat verenge Plazen?
- Am Aktuell huet dir Bierger opgeruff a Feedback ze gi fir en neit Policereglement opzestellen. Wéi vill Réckmeldungen huet der bis haut kritt?
- Em wat fir eng Virschléi huet et sech gehandelt?
- Wat fir eng Virschléi sinn zréckbehale ginn?
- Wéini gött dat neit Policereglement dem Gemengerot presentéiert?

Fro 7:

Am Kader vum Budget hate mir dem Schäfferot Fro gestallt, wou de Projet vum neie Recyclingzenter vu Mënsbech drun ass. Madamm Buergermeeschtesch huet gesot, dat si dat géif nofroen, an eis déi Informatiounen noliwwere géif, dëst ass bis haut net de Fall ass.

- Kënnt dir eis haut des Informatiounen ginn?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller



Simone MASSARD-STITZ
Conseillère

